PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien, Digitalisatioun, Administrativ Reform, Ëffentlechen Déngscht & Justiz weiderzeleeden.

Gutt Verwaltungen sinn mat eng Bedingung, fir datt ee Land gudd funktionnéiert a bréngen de Biergerinnen a Bierger hei am Land méi Liewensqualitéit, wann d'Démarchen transparent a verständlech sinn an d'Verwaltung erreeschbar fir een ass. Wien sech hei am Land u verschidde staatlech Servicer wennt, wéi z.B. *esante.lu*, *guichet.lu* oder den *e-commissariat,* dee kritt do an deene meeschte Fäll och eng Äntwert. Bemierkenswäert ass awer, datt verschidde Servicer Mailen am Numm vun der Agence oder Verwaltung ënnerschreiwen an een awer net den Numm vun der Persoun gewuer gëtt, déi den Dossier traitéiert huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A wéi enge Fäll gi Kommunikatioune vun de Verwaltungen nëmmen am Numm vun der Verwaltung oder vum Service ënnerschriwwen an a wéi enge Fäll ginn d'Kommunikatioune vun der Persoun ënnerschriwwen, déi den Dossier traitéiert huet?

2. Sollten, am Kader vun der virdrun ugeschwatener Erreechbarkeet an Transparenz, d'Kommunikatioune vum Staat net och ëmmer vun der Persoun ënnerschriwwe sinn, déi den Dossier traitéiert huet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député